adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

**N° 4312**
Reçue le 19.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.05.2021

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Am Nicaragua, dat een vun den Partnerstaten bei der Entwécklungshëllef ass, ass zënter 2007 den D. Ortega vun der sozialistescher sandinistescher Partei Präsident. An leschter Zäit ginn den Här Präsident an seng autoritär Regierung ëmmer méi staark géint d'Oppositioun fir, déi biergerlech Fräiheeten ginn ageschränkt, déi aner Parteien ginn verfollegt. Virun kuerzem goufen nei Gesetzer agefouert fir d'Oppositioun ze kriminaliséieren an ënnert anerem och d'Kontroll vun auslänneschen Organisatiounen a Geldgeber ze verschäerfen. Wéi an der renomméierter spuenescher Zeitung El Pais ze liese war, kontrolléieren d'Membere vun der Presidentefamill eng Rei Schlësselfunktiounen an der Administratioun, de Medien an an der fir d'Land wichteger Uelegindustrie. Am Joer 2018 koumen no internationale Medieberichter iwwer 300 Persounen bei Protester géint d'Regierung gewaltsam ëm d'Liewen.

An deem Kontext géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

1) Wéi beurteelt d'Regierung den Zoustand vun der Demokratie an vum Rechtsstaat am Nicaragua?
2) An wéi fern kann déi Entwécklung zu engem ëmmer méi autoritären Staat d'Relatiounen tëschent Lëtzebuerg an Nicaragua beanträchtegen? Wéi positionéiert sech Lëtzebuerg géigeniwwer dem aktuellen Regime? Wéi wierkt d'Lëtzebuerger Regierung ob eventuell Entscheedungen säitens der EU an?
3) An den leschten 10 Joer huet Lëtzebuerg iwwer 70 Milliounen Euro fir d'Entwécklungshëllef am Nicaragua ausginn. Wéi eng Auswierkungen huet déi aktuell Entwécklung op d'Entwécklungshëllef?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 16 juin 2021

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe, la réponse commune des Ministres impliqués à la question parlementaire n° 4312 posée par l'honorable Député Monsieur Fred Keup.

Jean Asselborn

**Gemeinsam Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister a vum Här Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten op d'Fro Nummer 4312 vum 19. Mee 2021 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Fred Keup**

**Fro 1:**

D'Entwécklung vun der Situatioun am Nicaragua ass net positiv. An de leschte Méint ass d'Regierung no a no méi oppressiv ginn, an huet den demokratesche Raum ëmmer méi ageschränkt. Am Dezember 2020 goufen eng Rei nei Gesetzer gestëmmt, déi ënner anerem d'Meenungsfräiheet an d'Aarbecht vun ONGen aschränken. Den Héije Vertrieder vun der Europäescher Unioun fir d'Aussen- an d'Sécherheetspolitik hat den 20. Dezember 2020 doropshin eng Deklaratioun gemaach, déi di nei Gesetzer staark kritiséiert huet an nach eng Kéier verdäitlecht huet, dass den Nicaragua seng international Obligatiounen anhale muss, wat de Respekt vu Mënscherechter a vum Rechtsstaat ugeet. Eng weider Deklaratioun vum Josep Borrell am Numm vun der EU ass den 10. Juni 2021 veröffentlech ginn, an där d'EU d'Repressioune vun der nicaraguanescher Regierung géint d'Medien a géint Oppositiounspolitiker verurteelt, an d'Regierung dozou oprifft, den Dialog mat der Oppositioun ze sichen.

Des Entwécklunge sinn ëmsou méi kritesch well d'Land sech elo an enger Virwalzäit befënnt. Am November 2021 si Wale virgesinn. Et bleift primordial, dass fräi, gerecht an transparent Walen organiséiert ginn, fir dass d'Land aus der aktueller sozialer a politescher Kris erauskënnt. D'Lëtzebuerger Regierung verfollegt d'Situatioun ganz opmierksam a bleift an enkem Kontakt mat Partner op der Plaz an um Niveau vun der EU fir den Nicaragua an der Virbereedung vun de Walen ze ënnerstëtzen.

**Fro 2:**

Lëtzebuerg ass ee vu wéinegen EU Memberstaaten, déi zu Managua present sinn, an ass domat an enger privilegiéierter Positioun fir weiderhi mat der nicaraguanescher Regierung am Dialog ze bleiwen, an ze observéiere wéi sech d'Situatioun um Terrain weider entwéckelt. An all Kris ass et wichteg d'Kommunikatioun oprecht ze erhalen, an sech bereet ze weisen d'Demokratie weiderhin ze ënnerstëtzen.

D'Situatioun am Nicaragua ass och heefeg um Agenda vun den Aarbechtsgruppen am Conseil vun der EU. Hei kann all Memberstaat op d'Entscheedunge mat awierken an zesumme gëtt decidéiert op a wéi een op verschidden Entwécklunge reagéiere soll. Lëtzebuerg bedeelegt sech aktiv un dësen Aarbechtsgruppen a kann esou d'Politik vun der EU matgestalten.

**Fro 3:**

Als Reaktioun zu der politescher Kris, déi am Abréll 2018 ugefaangen huet, huet Lëtzebuerg deemools entscheet, den neien Indikative Kooperatiounsprogramm (PIC IV) mam Nicaragua net ze ënnerschreiwen. Zousätzlech sinn direkt Ausbezuelungen un d'nicaraguanesch Regierung ënnerbrach ginn. D'Lëtzebuerger Kooperatioun huet decidéiert, dass déi bilateral Kooperatioun mat der Regierung gestoppt gëtt bis et eng bedeitend Verbesserung vun der Mënscherechtssituatioun a Fortschrëtter am Hibléck op eng friddlech politesch Transitioun gëtt. Um techneschen Niveau ass d'Ëmsetzung vu bilaterale Projeten am Joer 2020 ofgeschloss ginn.

Am Kontext vun der unhalender Kris bleift d'Lëtzebuerger Kooperatioun awer weiderhin engagéiert am Nicaragua mam prioritären Zil, d'Aarmut ze bekämpfen an d'Liewensbedingunge vun der nicaraguanescher Bevëlkerung ze verbesseren. Lëtzebuerg huet an deem Sënn seng Kooperatiounsstrategie néi orientéiert. D'Kooperatioun huet seng Ënnerstëtzung fir Mënscherechtsverdeedeger gestäerkt a gräift der Zivilgesellschaft ënnert d'Äerm, eng Alternativ déi och vun aneren Donateure wéi EU-Memberstaaten, dem Kanada an den USA ënnerstëtzt gëtt.

Wéinst den ëmmer méi grousse Bedürfnisser am Land (verschlëmmert duerch d'COVID-19 Kris), ënnerstëtzt Lëtzebuerg och weiderhin Programmer mat héijem Impakt fir vulnerabel Communautéiten, besonnesch Fraen a Jonker, zum Beispill fir e verbesserten Zougang zu sozialen Zerwisser ze erméiglechen.

Gläichzäiteg schafft Lëtzebuerg um multilateralen Niveau, besonnesch a wesentleche Beräicher wéi der Ernierungssécherheet an der Educatioun.